SANDWEILER

sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 11. Dezember 2023

**Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 14.12.2023**

Madamm Buergermeeschtesch,
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengeréit erlaben sech lech folgend Froen ze stellen a géifen sech iwwer eng Äntwert am Gemengerot vum 14.12.2023 freeën. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mir lech an der Suite ons Är Äntwert an engem räsonabelen Delai schrëftlech zoukommen ze loossen.

**Fro 1:**
An der Gemengerotssëtzung vum 26. Oktober goufen déi nei Membere vun der „Commission scolaire" gestemmt. Laut onsen Informatiounen huet am November eng Sëtzung vun der genannter Kommissioun stattfonnt. Kennt Dir ons soen ob do déi 4, de 26. Oktober gestemmten, nei Memberen invitéiert waren? Wann déi net invitéiert waren, wisou waren déi net invitéiert a wie gouf invitéiert? Hutt Dir, Mme Buergermeeschtesch als Presidentin vun der Kommissioun, am Ufank vun der Sëtzung eng Presenzlescht erstallt? Kennt Dir ons d' Presenzlescht virleeë wgl.? Kennt Dir ons och wgl. d'Avis'en aus där Sëtzung virleeë?

Jean LEMMER
Conseiller

Simone MASSARD-STITZ
Conseillère

reçu le 11.12.2023